Léif Matbierger(innen)

**Bleift doheem!** De Coronavirus ass eng immens Gefor, besonnesch fir ons eeler a vulnerabel Matbierger. Et ass d'Responsabilitéit vun jidder Eenzelen – egal wéi al oder jonk – sech esou ze behuelen, datt seng Verbreedung esou lues wéi méiglech ass.

Fir datt jiddereen, deen effektiv krank gëtt, och optimal medezinesch Hëllef kréien kann! Fir datt eis Spideeler net iwwerlaascht ginn! Fir datt eise Gesondheetssystem net zesummebrécht! **Net einfach esou ass den Etat de Crise ausgeruff!!**

Duerfir biede mir mat Nodrock, datt jidder Eenzelen **sech virbildlech ze verhalen** huet, an sech esou wéineg wéi méiglech ze deplacéieren an d'sozial Kontakter effectivement op een absolute Minimum ze limitéieren. De Schäffe- a Gemengerot huet all Veranstaltungen oder soss Evenementer jusqu'à nouvelle ordre ofgesot. Ëffentlech Säll, Sportshalen, Spillplazen a.v.m sinn zougemaach.

Wäert Matbierger(innen)

**D'Restriktiounen am sozialen a gesellschaftleche Liewen sinn natierlech net flott, fir keen!** Si sinn allerdéngs méi ewéi néideg, fir datt eist Gesondheetswiesen net kollabéiert, fir datt eng Chance besteet dës Kris an de Grëff ze Kéier ... jo, datt mir iwwerhaapt eng Méiglechkeet hunn esou séier wéi méiglech nees e normalen Alldag ze organiséieren. **Respektéiert w.g.l. all Mesuren!**

Mir zielen op Äre gesonde Mënscheverstand an op Äert Gefill vu Responsabilitéit. D'Gemeng ass ëmgaang mat enger Rei vun Initiativen de Leit zousätzlech Hëllefen ze offréieren.

**Allerdéngs de wichtegste Message ass den Appell: Bleift doheem!**

de Schäffen- a Gemengerot
vun Ärer Gemeng